

"Jeunes et Environnement" hat de 26. Februar 1981 zu enger Konferenz agelueden, an där d'Schwëster Rosalie Bertell, vun de "Groe Schwëstere", Mataarbechterin vum "Jesuit Center" fir sozial Gerechtegkeet vu Buffalo, iwert "Atomenergie no Harrisburg" geschwat huet. Als Member vun der Harrisburg-Kommissioun, di de President J. Carter nom bekannten Akzident agesat hat, wor si eng aussergewöhnlech kompetent Riednerin fir aus der Siicht vun enger kathoulescher Moral zu deem liewensgefëerlechen Thema Stellung ze huelen. "Jeunes et Environnement" hat och den Här Bëschof gefrot e Vertrieeder zu engem öffentleche Ronndëschgespräch zu schécken, well si gemengt hun, no deem iweraus positiven Hiertebrëif, deen en 1978 zesumme mam Tréier a mam Metzger Bëschof publizéiert hat, a no der Synodenerklärung zum Thema Atomenergie, wär a misst och d'Bistum weider drun intensséiert sin, iwert de Schutz vum Liewen öffentlech ze diskutéieren. Leider huet e Bistumssekretär géentwert, d'Bistum hätt kee Fachmann fier öffentlech an där Sach opzetrieden. En zweete Brëif vu "Jeunes et Environnement" huet dem Här Bëschof proposéiert, am klengen Krees mat der Schwëster R. Bertell zesummenzekommen, fir dass d'Bistum säng Kenntniss am Gespräch mat hir kënnt verdéiwen. Op dee Brëif koum nët mol eng Entwert. De Koschter freet sech op no deem "grängen" Hiertebrëif vu 1978 mer lo neess suwäit sin, dass jhust d'Oofdreiwung als eng Gefor fir d'mënschlecht Liewe ugesi gët an aner Gefore doriwer vergiess gin. Ween dem President Reagan säin aussepolitescht Dropgängertum gesäit, weess zu wat d'Atomenergie ka féieren. m.p.

*

Bei därselewechter Geleënheet huet d'Schwester Bertell een interessante Viirschlag gemaach, deen op enger positiver Experienz berout an eis och géint Cattenom hëllef kënnt: A Britisch-Kolumbien (Kanada) sollt Uran a groussen Mooss oofgebaut gin. Dorophin hun d'Gesondheitsautoritéiten an d'Dokteren aus der Géigend e genauen "Check up" vum Gesondheitszoustand vun der Bevölkerung opgesat an d'Uranhären domatt virun hir Verantwortung gestallt: Entweder dir respektéiert d'Gesondheet vun eiser Bevölkerung - a mir wäerten se strikt iwerwaachen - oder dir drot d'Konsequenzen. D'Uranfirma huet de Projet fale gelooss. Dat wär dach eng elegant Léisung fir e klengt Land, deem säng Regierung fäert, fir och nëmmen e bësschen haart ze hemsen, géint de groussen Noper aus dem Frankräich, obschon säng nengafoffzeg Députéierten esou kurajhéiert Resolutiounen gefaasst haten. An eise Gesondheitsminister aus der bloer Pro-Atom-Partei kënnt dach och nët dergéint sin: Der Gesondheet vun der Bevölkerung kéim esou en Check up bestëmmt zegutt, an hie wär, wann en d'Leitartikelen vu sängem Parteiblat seriö hëllt, jo doutsécher, datt dobei näischt Schlechtes fir déi ëmwelt- a mënschefeëndlech Atomindustrie erauskënnt kommen.

De Koschter as verwonnert, dass dee Viirschlag vun der Schwester Bertell nach nëierens opgegraff gouf. An esou grouss as déi Klack jo och nët, wou hien et kann drun hängen. Ma vläicht laut elo een dran ... csst

*


An engem Dossier zum Problem Stadverkëier ("forum" Nr. 39/80) hat de Koschter och iwert den Autobusdëngscht an der Stad Lëtzebuerg nodeduecht a Propositionen gemaach fir en ze verbesseren, sou dass më Leit op hire Privatauto géife verzichten. D'Zäitschrëft "ons stad" hat déi Viirschläi sugger opgegraff an dohigestallt, wi wann d'Gemengepapp déi Ideën och hätten wëllte verwierklechen. ("ons stad" Nr. 5/80; vgl. "forum" Nr. 44/80). Wi verlugen deen Artikel wor as elo kloer gin, wëi de Gemengerot décidéiert huet, den Tarif vum Autobus nach weider eropzesetzen: 20 Frang soll ët elo kaschte fir vum Lampertsbierg op d'Gare, a nach eng Këier 20 Frang fir zrëck. Suguer mat enger Kaart fir 10 Fahrten kascht et nach 28 Frang hin an zrëck. Am Privatauto kënnt et sugger mëi bëllg, och wann ech eleng fueren! An dat ganz soll jhust erlaben an Zukunft 33% statt 27% vun den Ausgabe fir den Autobusdëngscht ze decken. Nët eng

Kéier awer gouf dru deduecht, wi deemols de Koschter virgeschloen hat, fir d'Busse mi oft anduurch méi Stroossen fir méi e bëlleger Tarif, och owes spéit nach, fueren ze loosse an esou méi Leit z'iwerzeegen, dass et méi bëlleg a méi bequem (keng Parkplazt sichen) as wi am eegenen Auto mussen an d'Stadgewulls ze fueren. Méi Passagéier géifen dach och méi Suen an d'Keess bréngen, oder ...? Mä neen, de Schefferot huet sugger decidéiert, fir d'Strecken lo an ll op Beggen a Märel och där laanger Bussen ze kafen an da nëmme méi dräimol d'Stonn statt wi bis elo véier oder fënnefmol ze fueren! E weidere Réckschrëtt an engem öffentlechen Dëngscht zugonschte vun der Privatindustrie (Automobil, Parking, asw.): E weidere Schlag géint d'Liewensqualitéit an der Stad (Gestank, Kaméidi, Stress,...) ! m.p.

Eemol méi gouf dem Koschter en Zensurfall aus dem L.W. gemellt. Dës Kéier trëfft et dee vum Här Bëschof héchstperséinlech geförderte "Centre chrétien d'éducation des adultes". Dësen Zentrum hat am Februar dräi Konferenzwenter zum Thema Toleranz organiséiert, wou Chrëschtchen a Nët-Chrëschtchen an engem Forums-gespräch Stellung geholl hun. De Presserapporter vum Zentrum hat direkt nom éischten Owend en Artikel vun 2 Schreifmaschinssäiten an d' LW-Redaktioun geschéckt, deen awer erëmkoum, well en ze laang wäer! Een Artikel iwert di 3 Owendter géif duer goen am "Wort"! Mä och deen een Artikel, deen du geschriwe gouf, as vum zoustännege Redakter vir d'éischt zensuréiert gin. (De Saz, ët kënnt ee sech keen intolérante Gott virstellen, an d'Toleranz géif folglech zum Chrëschtentum gehéieren, gouf gestrach!?) Et gët also ëmmer méi däitlech, dass-entgéint de Prinzipie vum Synodebeschluss iwert d'(kath.) Press-reng wirtschaftlech Kritären am L.W. d'Redaktiounspolitik bestëmmen: ganz Säiten iwert gastronomesch Freedden oder wäit Reesen -och a Krisenzäiten- brénge méi an wi Artikelen iwert chrëschtlech Glawensbildung an Toleranz, sugger wann se vun enger diözesaner Organisatioun kommen.

Mä donieft gin ët anscheinend nach aner Hären am "Wort". Muench Lieser erënneren sech sécher nach un di ruckelzeg Karikatur op der Familjesäit, wu B.Berg, R.Krieps a G. Linster als Houeren am gaang sin d'Broschür "Aimer" ze verkafen. Och vu kathoulescher Säit gouf ët dorophin Protester beim L.W., mä d'Redaktioun huet geäntwert, sie weist nët am viraus, wat op d'A.F.P.-Säit ze stoe këim, sie wär dofir nët verantwortlech. Gehéiert dat och zu der redaktioneller Fräiheet, di de Verwaltungsrout jo dem L.W.-Direkter schrëftlech bescheinegt huet?

Oder wann d'Wort-Redaktioun nët ka verantwortlech gemaach gi fir AFP-Spezialsäiten oder CSV-Bäiluechten, da besteet jo och keng Schwiereregkeet, fir aneren chrëschtliche Meenungsgruppen Spezialsäiten an onser Bistumszeitung zur Verfügung ze stellen... csst



Lesenswert

"JEUNES ET PATRIMOINE" Nr.6/1980

- Editorial: Zum Doud verurteilt an higeriicht (Metzebau a "Cinéma de la Cour")
- Archäologesche Summercamp zu Wroxeter (England)
- D'Grawstengkonscht am 17.-18.Jorhonnert

Memberskaarten: 150 F ënnert 35 Joer, 300 F dono; Jeunes et Patrimoine, 11 bd. P.Dupong, Lëtzebuerg; CCP 64235-21

PUBLIC Nr.42/Februar 1981

Im Editorial begründet Michel Schaack den neuen Untertitel der Zeitschrift "Chrëschtchen am Dialog", während H.Hausemer über Sinn und Notwendigkeit des Dialoges in einer menschlichen Gesellschaft schreibt und F.Koedinger die Aussagen des Konzils zu diesem Thema vorstellt. Anschliessend gibt die 16-jährige P.Balthasar ihrer Enttäuschung Ausdruck, dass unter Christen so wenig dialogiert wird.

Desweiteren enthält die Nummer Beiträge über die Grenzen der Konsumgesellschaft, die Ziellosigkeit "der" Jugend, den Kampf gegen die Lepra, das Buch "Der Papalagi", u.a.m.

Public, 20, rue des Champs, Crauthem; CCP 36440-65 (M.Schaack); Abo (5Nr.):110F.

DE JOCIST, Nr.3

- Jeder junge Arbeiter(in) hat eine göttliche Sendung ...


- "Das kleine Ich bin Ich" Erzählung von Mira Lobe
- Lanza del Vasto
- Die christliche Dimension der Joc u.a.m...

JOC, 13, rue Bourbon, Luxbg.; CCP 571-86; Abo:120F

BRENNPUNKT DRITTE WELT Nr. 41/ Februar 1981

- Konkrete Entwicklungshilfe: der Fonds der Sozialdemokratischen Partei der Schweiz zugunsten von Arbeitskämpfen in der Dritten Welt
- Les apprentis sorciers: la signification profonde et les répercussions lointaines de l'introduction d'une nouvelle technique dans une société rurale traditionnelle
- Nos banques et l'Afrique du Sud (concerne e.a. Banque Générale, Banque Lambert-Luxembourg, Kredietbank)
- Nature et effets de la concurrence du Tiers Monde pour l'économie des pays industrialisés
- La culture: dimension négligée du développement
- Afrikanische Literatur u.a.m.

AFC-Solidarité Tiers-Monde, 23, av. Gaston-Diderich, Luxembourg; CCP 10235-50; Abo (6Nr.):180F.



4-0

in: P.-F. 9/77